


D'Europäesch
Investitiounsbank
op ee Bléck

2019



D'Europäesch Investitiounsbank ass der Europäescher
Unioun hire Kreditaarm.

Mir sinn de gréisste multilaterale Kreditgeber vun der
Welt an de gréisste Fournisseur vu Finanzéierung
vum Klimaschutz.

Mir hëllef der Wirtschaft, schafen Aarbechtsplazen
a fërderen d'Gläichbehandlung.

D'EIB-Grupp besteet aus zwee Deeler: d'Europäesch
Investitiounsbank an den Europäeschen
Investitiounsfong. Den EIF spezialiséiert sech op
de Finanzement fir kleng a mëttelstänneg Betriber.

Bliedert duerch dës Säite fir eng vun de wichtegsten
Entwécklungsinstitutione vun der Welt ze entdecken.



*De Finazement vun der Bank huet 2018 den
Transport fir 290 Milliounne Passagéier verbessert.*

230.000.000.000 € Investitiounen, déi duerch
EIB-Aktivitéiten ënnerstëtzt ginn

64.190.000.000 € Finanzement duerch
d'EIB-Grupp¹

60.000.000.000 € op de globalen
Obligatiounemäert opbruecht

23.270.000.000 € Finanzement fir kleng Betriber

13.520.000.000 € fir d'Innovatioun ze stimuléieren

5.000.000 Aarbechtsplazen a kleng
Betriber erhalen

854 Projeten ënnerschriwwen

29% vum EIB-Finanzement
ënnerstëtzt de Kampf géint
de Klimawandel

¹ Eis 64,19 Milliarden € Finanzement 2018 hunn ongeféier 230 Milliarden Investitiounen ënnerstëtzt. D'EIB finanziert normalerweis net méi wéi 50% vun engem Projet, fir dass eis Bedeelegung aner Institutiounen encouragéiert ze hëllefen, dës Projete matzefinanzéieren.



2018 huet d'Bank 15,15 Milliarden €
investéiert fir d'Ëmwelt ze schützen.

Eis Prioritéit

D'Europäesch Investitiounsbank konzentréiert sech op véier Beräicher: Innovatioun, kleng Betriber, Klima an Infrastruktur.

D'kombiniéiert Erfahrung vun eisen Economisten, Ingenieuren, Finanzanalysten a Klimaspezialiste suergt dofir, dass eis Projeten e Succès sinn. Am Géigenzuch féiert d'Approbatioun vun eise Spezialisten zu weideren Investitiounen aus dem Privatsecteur. Mir schaffen op der ganzer Welt fir d'Liewe vun de Leit besser ze maachen. 2018 hu mir d'Drénkwaasser fir 20 Milliounen Leit méi sécher gemaach, besser Stroosse fir Milliounen vu Chauffere gebaut a méi wéi 34 Milliounen Stied mat Elektrizitéit versuergt.



*Mat der Ënnerstëtzung vun der EIB huet den Zyprioteschen
Institut fir Neurologie a Genetik zu Nicosia seng
Fuerschungs- a Behandlungsinstallatioune renovéiert.*

Eise Finanzement an eis Berodung ennerstétze Milliounen vun Aarbechtsplazen an hëllefen dausende vu kleng Betriber ze floréieren. 2018 hu mir Finanzementer fir 374.000 kleng Betriber gesécher. Mir maachen Europa méi kompetitiv andeems mir déi neisten Innovatiounen an de Kampf géint de Klimawandel ennerstétzen. 2018 hu mir 29 Milliounen digital Héichgeschwindegkeetsverbindunge gefördert.

Ee vun eisen Instrumenter ass den Europäesche Fong fir strategesch Investitiounen. En huet als Zil, déi grouss Ennerscheeder am Finanzement an Europa ze reduzéieren, andeems 500 Milliarden € Investitioune bis 2020 creéiert ginn. Bis Enn 2018 hat d'EIB-Grupp 70,4 Milliarden € Finanzement ennert dem EFSI autoriséiert an 375,5 Milliarden € Investitioune mobiliséiert.



*E Schweesser an enger Busbaufabrik am Senegal.
D'EIB huet an e Fong investéiert, deen dësem Betrib
hëlleft ze floréieren.*

Eis Clienten

Mir léinen dem öffentleche Secteur an dem Privatsecteur. Mir ënnerstëtze kleng Betriber iwwer lokal Banken a léinen innovative Startups Suen. Mëttelstänneg Betriber kënnen direkt Ënnerstëtzung fir Investitiounen an d'Fuerschung an d'Entwécklung kréien. Mir léinen net méi wéi d'Halschent vun de Käschte vun engem Projet, well mir wëllen, dass eis Prête Finanzementer vu privaten Investisseuren an aneren öffentleche Finanzinstitutiounen unzéien.

D'Bank proposéiert eng grouss Auswiel u Finanzproduiten zu gönschtege Konditiounen. Fir verschidde Projeten, déi d'Innovatioun an d'Kompetenzen an Europa fërderen, iwwerhuele mir méi en héije Kreditrisiko wéi eng kommerziell Bank. Mir proposéieren och technesch Assistenz fir ze hëllefen, d'Projeten ze preparéieren an ëmzesetzen.



*D'Bank hëlleft Stied wéi Paräis, erneierbar Energie
ze benotzen, d'Mobilitéit ze verbesseren
a Stroossen a Brécken auszebauen.*

Eis Ressourcen

D'EIB ass finanziell autonom. Mir brénge Geld op andeems mir Obligatiounen op den internationale Kapitalmäert emittéieren.

Eisen exzellente Kreditrating bedeit, dass mir Geld zu gudden Tauxen opbréngen. Mir ginn dës Virdeeler un eis Clientë weider.

Mir sinn eng vun de gréngste multilaterale Banken op de globale Mäert. Eis Banker hunn de Maart vun de "gréngen Obligatiounen" erfongt.

Eis Verpflichtungen

- héich ökologesch a sozial Normen an allen Aktivitéiten
- staark Gouvernance, Transparenz a Verantwortung
- minimalen Impakt op d'Ëmwelt

Fir weider Informatiounen zu eisen Offeren,
gitt op www.eib.org/products.



**Europäesch
Investitiounsbank**

d'Bank vun der EU



**EUROPEAN
INVESTMENT
FUND**

Europäesch Investitiounsbank

 info@eib.org

www.eib.org